

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2017-166

Newsletter 3 / 2017

September 2017

Neie Member am CA

No eisem Opruff un d'Veräiner fir e Kandidat ze nominéieren fir déi fräi Plaz am Verwaltungsrat vun der FLMP ze besetzen, ass bei eis just eng Kandidatur agetraff, an zwar déi vum Sam Meyers vun de Gehansbiergknappen 75 Butschebuerg.

Den CA vun der FLMP huet de Sam Meyers elo kooptéiert a säi neie Beräich wäert virun allem d'Jugendarbecht an der FLMP betreffen. An der nächster Generalversammlung de 24. Februar 2018 zu Jonglënster muss dës Kandidatur dann och nach vun eise Veräiner validéiert ginn.

Journée des récompenses

Den 18. November éiert d'Lëtzebuerger Wandersportfederatioun erëm eng Kéier seng aktiv Memberen mat FLMP-Lizenz an all déi Leit, déi sech an de Veräinscomitéeën am Benevolat asetzen, fir datt ons Organisatioune weiderhi kënnen bestoe bleiwen. D'Veräiner hu bis den 30. September Zäit fir hir Comitées-memberen ze mellen, déi während 5, 10, 15, 20, 25, 30, 35, 40 oder 45 Joer an hirem Comité aktiv sinn.

Bei dëser Geleeënheet maache mir och erëm en Opruff fir eis Proposen eranzeschécken fir de "Bénévole de l'année", deen all Joer vum Sportsministère geéiert gëtt. Schéckt ons e kleng Liewenslaf vun der Persoun, wou dir mengt, datt si dësen Titel verdéngt huet mat e puer Erklärungen vun hire Meritter. Stéchedatum dofir ass den 20. Oktober 2017.

Journée Nationale zu Biekerech

Och déi 36. Editioun vun eiser Journée Nationale an déi 3. Editioun zu Biekerech waren erëm e groussen Erfolleg. Iwwert 1.400 Wanderer hunn de Wee bei eis fonnt a mam Yuppi-Walk konnte mer dovunner 209 Kanner empfänken.

E grouse Merci un all eis Wanderer awer och ganz besonnesch un all déi Leit, déi dësen Dag mat gehollef hunn. Merci wëlle mer awer och der Gemeng Biekerech soe fir hir grouss Ënnerstëtzung grad esou wéi dem Grupp Alpaka, dem Grupp mat den Ieselen, dem Baseballclub, dem Spillmobil vun der Superdreckschëscht, dem Natur & Ëmweltmobil, der Fondatioun Follereau Lëtzebuerg fir de Facepainting an den Autiste fir d'Kache vun eisem Menü.

D'nächst Joer erwaarde mer iech dann den 1. September an der Coque um Kierchbierg, wou mir eis 37. Journée Nationale am Kader vun dem Mega-Event "All You Can Walk in 24 h" organiséieren.

Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung

Fir d'2te Kéier ass dëst Joer den Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung organiséiert ginn. 5 Veräiner hunn hei matgemaach an déi verschiddenen Theme waren och erëm ganz interessant. Malpaarteswanderung, Singlewanderung, Fakelwanderung oder och nach Trëppelen a Sange stoungen um Programm. Insgesamt hunn sech ronn 300 Leit un dëse ganz flotten Organisatioune bedeelegt.

Iwwerleet iech elo schonns en Thema fir déi nächst Editioun de 14. Juli 2018, wou hoffentlech erëm méi Veräiner matmaache wäerten.

Um Fouerméideg gouf et dunn och nach d'Méiglechkeet fir zu Fouss vun Dikrech bis an d'Stad op d'Schueberfouer ze marschéieren. 61 Frënn vum Marathon hunn den Depart zu Dikrech geholl, 44 hu sech der nach ënnerwee ugeschloss sou datt e Grupp vun 105 Leit op der Schueberfouer hire Stempel an hiren Diplom konnten ofhuelen. E Bus vun eisem Partner Sales-Lentz huet d'Leit no engem Fouerbesuch zréck op hir respektiv Startplaze gefuer.

Nei PWen an e neie PW-Cup 2

Wéi dir sécherlech schonns am neie Kalenner konnt feststellen, hu mir fir d'nächst Joer e puer nei PWen um Programm. D'PWen N° 2 an 3 ginn den 31. Dezember 2017 zou, dofir hu mer awer och e puer neier am Programm.

An der Stad bidde mer 2 nei PWen un zesumme mam LCTO Lëtzebuerg. De Wenzelpad (PW 022 – 6 km) an de Vaubanspad (PW 023 – 5 km) gi vum 6. Oktober 2017 un och als PW gestempelt, d'Vente vun de Startkaarten ass am Luxemburg City Tourist Office (LCTO) an der Stad um Knuedler. Zu Ohn op der Musel geet de PW 021 op iwwert 10 km mat Stempelplaz zu Ohn beim Depositaire Ruppert oder zu Wuermer an der Kellerei. An zu Schengen gëtt de PW 024 opgemaach iwwert 10 km mat Depart a Stempelplaz am Syndicat d'Initiative um Ponton zu Schengen. Fir de 7. Oktober ass och d'Ouverture vum PW 020 mat 12 km zu Beefort geplangt. Start ass do beim Schlass zu Beefort, de Stempel kritt dir beim Syndicat d'Initiative (am Wanter) oder am Beeforter Schlass (am Summer).

Well eise PW-Cup schonns vu ville Leit opgeschloss ass, proposéiere mer ab dem 1. Januar 2018 och den neie PW-Cup 2. Dëst neit Reglement gëtt och geschwënn op eisem Internetsite publizéiert. Et muss een 20 verschidde PWen erwaarden, fir déi éischt vu 7 Auszeechnungen verdéngt ze hunn.

Neie Veräin - Compass Sport Déifferdeng

Den 12. September huet de Verwaltungsrot vun der FLMP e neie Veräin provisoresch opgeholl. Et handelt sech hei ëm de GDL 142 - Compass Sport Déifferdeng. Bei deene leschten Organisatioune waren si schonns regelméisseg präsent a mir wäeren och frou, wann d'Veräiner dësen neie Wanderveräin géifen mat an hir Startlëschten iwwerhuelen.

Si kréien elo eng Chance fir sech bei eisem Sport ze beweisen an éischt Erfarunge ze sammelen. Duerno wäert dann eis Generalversammlung decidéieren iwwert eng definitiv Opnam vun dësem Veräin.

Marathoncup 2018

Zesumme mat de Wandersportfederatioune aus Däitschland, Frankräich, Belsch a Lëtzebuerg gëtt fir d'Joer 2018 en neie Marathon-Cup ugebueden. Dëse kann an dräi verschidde Stufen gewandert ginn. Fir d'Bronzefederatiounen gëlt et sech un 4 offizielle Marathonen ze bedeelegen, dovunner mindestens een an all Land. Fir d'Sëlwerfederatiounen mussen 6 Marathonen gewandert ginn a fir gëllen Ofzeechen sinn 8 Participatioune un engem offizielle Marathon néideg.

De Präis fir e Marathoncup-Pass ass 12.- € pro Ofzeechen mat Diplom an Aufnäher. Wanderer, déi di 3 Ofzeechen erreicht hunn, kréien zum Ofschluss eng zousätzlech Iwwerraschung.

Am Joer 2018 ginn och hei zu Lëtzebuerg verschidde Marathonen ugebueden: de 25. August zu Brouch an zu Lëntgen (eng gemeinsam Organisatioun) - den 1. September an der Coque um Kierchbiereg beim Nationale Wanderdag - de 9. September zu Stengefort - den 30. September zu Hiefenech (dëse steet net am FLMP-Kalenner) an de 25. November zu Bettenduerf.

Den FLMP-Becher

Wéi dir wësst, hu mir eng Campagne gestart, zesumme mam Ëmweltministère, fir lues a lues eis Plastikbecheren op de Wanderungen ze eliminéieren. De 15. August sinn déi éischt nei Becheren ugebuede ginn a mir hoffen, dass eis Veräiner allegueren och vill dovunner Gebrauch maachen.

Dir kënnt dës Bechere bestelle beim FLMP-Sekretariat, dëst fir är Memberen, vläicht als Kaddo fir d'Enn vum Joer oder op ärer Generalversammlung oder awer och fir se op ärer Wanderung zum Verkaf unzebidden, fir esou lues a lues de Wanderer ze winnen ee Becher mat op d'Streck ze huelen.

De Romain Feiereisen aus eisem Verwaltungsrot suergt derfir, dass dir är Becheren op déi richteg Plaz geliwwert kritt.

Escapardenne

Vum September 2017 un bidde mir zesumme mat der belscher Federatioun FFBMP den éischte grenziwwerschreidende Wäitwanderwee un, den Escapardenne.

An 8 Etappen kann ee vun Ettelbréck bis op La Roche-en-Ardenne wandere iwwert wonnerschéi Wanderweeër duerch eist schéint Éislek. Den dozou gehéieregen "Hiking-Pass" kritt dir an eisem FLMP-Sekretariat ze kafen grad ewéi och am Syndicat d'Initiative zu Ettelbréck an zu La Roche-en-Ardenne, dëst zum Präis vu 15.- €.

Nom Ofschluss vun den 8 Etappen kritt dir nieft engem Finisher-Ecusson an engem Diplom eng IVV-Wäertung vun 159 km an 8 Wäertungen fir d'Participatioun.

Weider Renseignement fannt dir och op eisem Internetsite ënnert der Rubrik "Escapardenne" oder um Site "www.escapardenne.lu"

Brainstorming / Neijoerschpatt

Esou wéi mer d'lescht Joer an eiser Brainstormingsitzung geschwat hunn, loosse mer dëst Joer dësen Dag ewech. Mir versichen elo mol, all eis Iddien aus deenen zwou leschte Seancen ze realiséieren a kucken fir eventuell d'nächst Joer erëm ee Iddien- a Gedankenaustausch ze organiséieren.

Fir awer net komplett de Kontakt mat eise Veräiner ze verléieren, hu mir decidéiert, fir de 6. Januar 2018 en Neijoerschpatt ze organiséieren, wou mir iech déi lescht Neiegkeete matdeelen a wou dir eis och kënnt nei Iddien mat op de Wee ginn. Reservéiert iech elo schonns den Datum vum Samschdeg, 6. Januar 2018 zu Walfer am Centre Culturel Prince Henri. Mir invitéieren 2 Verrieder vun all Veräin, eng Invitatioun kënnt um Enn vum Joer.

Sportleréierungen

Vill Gemengen organiséieren zum Ofschloss vum Joer sougenannte Sportleréierungen. Och wann eise Wandersport net onbedéngt zum Leeschtungssport zielt an och keng Klassementer, Championnater oder Ähnlech organiséiert, sou ginn et awer Gemengen, déi och Leit aus de Veräiner a Persounen éieren, déi eng besonnesch Leeschtung vollbruecht hunn respektiv fir de Veräin duerch hire laangjäregen Engagement am Benevolat grouss Aarbecht gelescht hunn.

Informéiert iech emol bei ärer Gemeng, vläicht kënnen och Memberen aus ärem Veräin fir esou eng „Sportleréierung“ auserwilt ginn.

Relevé des licences

All Veräin huet viru kuerzem en aktualiséierte Fichier geschéckt kritt mat alle Memberen déi mat enger Lizenz fir hire Veräin agedroe sinn. Schéckt eis déi néideg Korrekturen virum 15. Oktober zréck a setzt esou wäit wéi et méiglech ass, déi richteg Gebuertsdatumer dran grad esou wéi eng Emailadress.

Mir wëllen drop hiweisen, datt am Fall vun engem Accident nëmme déi Persoune verséichert sinn, déi zu dem Zäitpunkt och mat enger Lizenz bei eis agedroe sinn. Dofir ass et wichteg, dëse Fichier ëmmer aktuell ze halen an all nei Memberen oder aner Changementer regelméisseg dem FLMP-Sekretariat ze mellen.

IVV-Europa

Ufanks September war den offizielle Kongress vum IVV-Europa. Lëtzebuerg ass weiderhin fir déi nächst 4 Joer an dësem Gremium vertrauden duerch de Georges Kintziger, Vizepresident an d'Pia Kintziger als administrativ Sekretärin. De Paul Sandt huet d'Charge vun engem Keesskontroller iwwerholl.

D'Organisatioun vun der Europiade 2020 ass bei dësem Kongress un den eenzege Kandidat gaangen an zwar op Sillian an Osttirol (Éisträich) un der Grenz mat Südtirol. Geplangt ass dës Europiade fir Enn Mee - Ufanks Juni 2020. Sou bal mir weider Informatiounen hunn, wäerte mir iech déi matdeelen.

Busrees op "d'Fiets en Wandelbeurs" zu Gent

Eise Partner Sales -Lentz organiséiert den 10. Februar 2018 eng Busrees op d'Velos- a Wanderfoire op Gent, eng vun de gréisste Foiren vun dësem Genre an Europa. Op Invitatioun vum Tourismusministère ass d'FLMP och do op engem Stand vertrauden. Intresséiert Leit kënnen sech umellen bei Sales-Lentz - Tel. 50 10 50 - De Präis ass 69.- € fir Erwuessener, 65.- € fir Jugendlecher vun 13-24 Joer a 50.- € fir Kanner vu 4-12 Joer. Profitéiert vun dëser flotter Occasioun fir déi intressant Wanderfoire zu Gent ze besichen.

Europiade 2018 - IVV-Olympiade 2019

Eise Partner Sales -Lentz huet leider missen d'Reesen op d'Europiade a Sizilien annulléieren wéinst Mangel un Interessenten.

Fir d'IVV-Olympiade 2019 sinn d'Preparatiounen am gaangen a bis spéitstens Enn vum Joer misste mer och fir dëst Event eng Propose vun eisem Partner virleien hunn. Mir hoffen, datt mer fir dës Organisatioun eis Veräiner och iwwerzeegt kréien, fir dës Rees bei eisem Partner ze buchen.

Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.